ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

N°3982

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30. Mäerz 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

Den 3. Mäerz 2021 hat de Comité pour une paix juste au proche-Orient (CPJPO) e Riedner agelueden, deen an der Vergaangenheet déi folgend Ausso zum Staat Israel gemaach huet:

« *Israël se dit un « état juif ». Un état réservé à un groupe constitué à titres divers sur les bases d'une religion, d'une philosophie, d'un sentiment d'appartenance. Je refuse pour ma part la constitution d'un groupe sur une base matri-linéaire, génétique. Les races humaines n'existent pas. La race juive n'existe pas. L'ethnie, version actualisée de la race, n'existe pas non plus. Alors l'état d'Israël est le produit d'un Lobby. Et un lobby, par définition, on ne le convainc pas. La « négociation », ça ne sert à rien. On n'oppose pas une diplomatie honnête au mensonge diplomatique. Israël n'est donc pas, stricto sensu, un état colonial, c'est un état tribal, qui utilise des moyens illégaux, c'est un état mafieux.* »

An der ëffentlecher Diskussioun ginn dës Aussoe vu ville Leit als kloer antisemitesch ugesinn, dëst ënner anerem och op Basis vun der Antisemitismus-Definitioun vun der IHRA déi Lëtzebuerg mat ugeholl huet.

Eegenen Aussoen no schafft de CPJPO och ganz aktiv mat de Schoulen zesummen. Dowéinst hätt ech folgend Nofro un den Här Schoulminister:

1) Wéi oft war de CPJPO säit 2018 zu Gaascht an ëffentleche Lëtzebuerger Schoulen?
2) Wéi eng Theme goufe bäi dëse Projeten respektiv Virträg behandelt?
3) Kontrolléiert de Ministère, datt dobäi keng antisemittesch Akte geschéien, wéi se an der Definitioun iwwert den Antisemitismus vun der IHRA beschriwwe sinn? Wa jo, wien kontrolléiert dat?
4) Wéi eng Mesure goufe geholl, fir ze kontrolléieren, datt (potentiell) antisemittesch Aussoen, wéi déi méi wäit uewen zitéiert, net un d'Kanner rugedroe kënne ginn?
5) Hält de Minister et nach fir vertrietbar, datt de CPJPO no deenen uewen zitéierte Faiten weiderhi mat de Schoulen zesumme schafft a jonk Leit ka beaflossen?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 3982 vum honorabelen Här Deputéierte Fernand Kartheiser

Ad 1) an 2)

Wärend de Schouljoren 2018/2019, 2019/2020 an 2020/2021 goufe folgend Konferenzen oder Evenementer vu Lycéeën organiséiert, bei deenen e Member oder en Invité vum Comité pour une paix juste au Proche-Orient (CPJPO) present war:

2018/2019: Reesbericht aus dem Westjordanland (Lycée des Arts et Métiers)

Projektioun vum Documentaire *Within the Eye of the Storm* (Lycée Nic-Biever)

2019/2020: Konferenz "La Palestine contemporaine" (Lycée Ermesinde)

2020/2021: Konferenz vum Dokter Abuelaish (Lënster Lycée)

Ad 3) a 4)

Laut dem Artikel 40*bis* vum Schoulgesetz vun 2004 (*Loi modifiée du 25 juin 2004 portant organisation des lycées*) kritt een externen Intervenant nëmme mat der Autorisatioun vum Direkter Zougang zur Schoul. Op dësem Niveau fënnt also een éischte Contrôle statt.

Ausserdeem ass den Direkter laut Artikel 24 vun deem selwechte Gesetz fir de Contrôle vun den Inhalter zoustänneg, déi de Schüler vermëttelt ginn: *"En tant que responsable pédagogique, il inspecte les cours et contrôle la mise en œuvre des programmes d'études. Il évalue les résultats des enseignements (...) et en informe le ministre."*

Als Vertrieder vum Minister spillt den Direkter also hei eng zentral Roll. Et sief och gesot, datt een externen Intervenant ni eleng bei de Schüler ass, mee datt ëmmer och den Titulaire vun der Klass bei esou enger Interventioun present ass.

Ad 5)

Aus der Fro vum honorabelen Deputéierte geet d'Quell vun deem zitéierte Passage net ervir; ech enthale mech dofir enger Bewäertung. Ech stellen awer fest, datt de CPJPO eng Organisation non gouvernementale ass, déi vum Lëtzbuerger Ausseministère agreéiert ass. Ech géif an dësem Kontext och meng Äntwert op d'Question parlementaire Nr. 3678 vum honorabelen Deputéierte widderhuelen: *"La société civile doit pouvoir s'exprimer librement dans le respect de la loi. Les positions exprimées par des ONG (...) n'engagent que les organisations qui les ont affirmées."*